N°3725
Entrée le 04.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„ D'Konzentratioun vu verschiddene Schuedstoffer an eise Fléissgewässer ass e wichtege Sujet wann et em de Schutz vun eiser Biodiversitéit, den Déieren an och eiser Waasserqualitéit geet. Dozou gehéiert och Mikroplastik, en Ofbauprodukt vum Plastik deen sech ëmmer méi an eise Gewässer erëmfënnt a fir deen et an der aktueller Gesetzgebung kee Grenzwäert gëtt. Dëst ass rezent och am Kader vun enger Reportage iwwert de Bau vun engem syntheetesche Fussballsterrain direkt niewent der Atert thematiséiert ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Ass den Här Minister der Meenung dat Grenzwäerter fir Mikroplastik noutwendeg sinn? Muss net deementspriechend d'Gesetzgebung ugepasst ginn?
- Wei schätzt den Här Minister d'Gefore vum Mikroplastik an eise Gewässer an? Ass den Här Minister der Meenung dat Mikroplastik laangfristeg eng Auswierkung op eis Fëschpopulatioun kéint hunn? "

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu